CSV

# OP DE PUNKT.

KONTAKT- AN INFORMATIOUNSBLAT VUN DER CSV DIPPECH /// **OKTOBER 2016**

## /// LAMENTABLEN ZOUSTAND VUM LOTISSEMENT « AN DER UECHT » ZU BETTENG



D'Infrastrukturaarbechten am Lotissement „An der Uecht", tëschent der Dippecherstrooss an dem Kierfech zu Betteng si fäerdeg an et kënnte schonn zënter 7 Joer Haiser do gebaut ginn. Iwwer 50 Bauplazen déi zënter 2009 kënnte bebaut ginn, sinn der Natur an dem Knascht iwwerlooss. Offiziell weess keen firwat dës Plazen net verkaf ginn. De Gerüchter no schéngt de Promoteur méi ze verdéngen wann heen dës Plazen esou leie léisst well d'Präisser all Joer e gudde Krack an d'Luucht ginn an op der Bank ginn et bal keng Zënsen. Dat ass e Skandal ! Dat geet op Käschten vun de Bierger, a speziell deenen Jonken, déi eng Bauplaz sichen.

D'CSV am Gemengerot huet schonn e puer mol de Schäfferot opgefuerdert eng Taxe op den onbebauten Bauplazen vun den neie Lotissementer vun enger gewëssener Gréisst anzeféieren.

Dat schéngt dem Schäfferot ganz egal ze sinn, a mécht guer näischt, obschonn dat neit Gesetz iwwert de Pacte Logement de Gemengen erlaabt déi fräi Bauplazen extra ze besteieren fir doduerch d'Offer um Maart erop ze setzen an de Präis ze drécken. Op der anerer Säit, wann déi Plazen elo bebaut wären, géing d'Gemeng pro Joer ongeféier 250 000€ Dotation de l'Etat méi era kréien.

Et ass awer och fir d'CSV-Dippech ganz kloer, datt sou eng Taxe net dierf agefouert ginn fir Privatleit déi nach anzwousch eng oder e puer Bauplazen leien hu déi si fir hir Famill halen oder aus aneren Ursaachen net wëlle verkafen.



*Dépôt illégal dans le même lotissement / Illegal Bauschutt Deponie*

### ÉTAT DÉPLORABLE DU LOTISSEMENT «AN DER UECHT» À BETTANGE

*Les infrastructures du lotissement « An der Uecht », entre la rue de Dippach et le cimetière à Bettange sont terminées et les places à bâtir pourraient y être construites depuis plus de 7 ans ! Depuis 2009, plus de 50 places à bâtir prêtes à être construites y sont laissées à l'abandon. Officiellement, les raisons de ce refus de vendre ne sont pas connues. Selon la population locale, tout laisse cependant à croire que le promoteur gagne davantage par l'augmentation constante et considérable du prix des places à bâtir que s'il plaçait l'argent à la banque au taux de 0 % ! C'est un scandale ! Les citoyens et surtout les jeunes à la recherche de places à bâtir en font les frais !*

>>> suite, page 2

*L'opposition CSV au conseil communal a demandé au collège échevinal à plusieurs reprises par le passé, d'instaurer une taxe dissuasive dans les nouveaux lotissements d'une certaine envergure. Le collège échevinal n'entreprend rien, alors que le législateur, par la loi sur le pacte logement, permet aux communes de taxer les places à bâtir disponibles et non construites afin d'augmenter l'offre de places à bâtir sur le marché. D'autre part, la trésorerie communale ne bénéficie pas d'environ 250 000 € par an, qu'elle toucherait de la part du Fonds de dotation financière communal, si le lotissement était construit !*



*Il est clair aussi, que le CSV- section de Dippach s'oppose à toute taxe à l'encontre des particuliers qui disposent de terrains à bâtir qu'ils destinent à leur propre usage ou aux membres de leur famille ou qui auraient d'autres raisons de ne pas vendre l'une ou l'autre place à bâtir dont ils seraient propriétaires.*

## /// NEI SCHOUL

### NEI SCHOUL, AWER D'ELTEREN MUSSEN DOBAUSSE BLEIWEN

No jorelaangem Hin an Hir sollt et dës Rentrée endlech esouwäit sinn: d'Kanner aus der Gemeng Dippech ginn an eng nei Grondschoul... awer hir Elteren waren fir den 1. Schouldag net an der neier Schoul erwënscht!

Vill Elteren fillen sech virun de Kapp gestouss! Schliisslech wollte si wëssen, wéi déi nei Schoul fonctionnéiert a virun allem den Enseignant kenneléieren, deem si hiert Kand uvertrauen.

Et hätt een sech och erwaart, dass d'Elteren éischter a besser iwwert déi nei Schoul informéiert géifen ginn. Net nëmmen, dass d'Informatiounen relativ spéit verdeelt goufen (Verschiddener kruten de Schoulbuet réicht den Dag virun der Rentrée), esou gouf et och munch Duercherneen beim Verschécken vun den Informatiounen un d'Elteren (am Plaz vun engem Infoblat kruten verschidden Elteren just de Plang vum Schoulcampus). Och war néierens ee Plang mat de Klassesäll oder eng Foto vun der Spillschoul ze fannen, déi jo schliisslech net mat an dat neit Gebai geplënnert ass.

D'Elteren fille sech an der neier Schoul ganz à l'écart gehalen. Dëst schwätzt net fir eng gutt Zesummenaarbecht tëscht all de Schoulpartner, déi zwar fettgedréckt am Schoulbuet ernimmt gëtt, awer leider verpasst gouf fir d'Rentrée ëmgesat ze ginn.

### *NOUVELLE ÉCOLE FONDAMENTALE À LAQUELLE LES PARENTS N'ONT PAS LE DROIT D'ACCÈS*

*Après de longues années d'attente, les enfants de la commune de Dippach ont pu rentrer cet automne dans une nouvelle école fondamentale. Cependant leurs parents n'avaient pas le droit d'y accéder le jour de la rentrée ! Ce qui a soulevé un grand mécontentement parmi eux, étant donné qu'ils s'attendaient à recevoir des informations sur le fonctionnement du nouveau site et à faire connaissance de l'enseignant auquel ils confient leur enfant.*

*En outre, les parents se plaignent de ne pas avoir reçu toutes les informations relatives à la nouvelle école (certains courriers destinés aux parents contenaient juste un plan du campus au lieu d'informations plus détaillées) ou de les avoir reçues si tardivement (certains ont reçu le bulletin scolaire seulement la veille de la rentrée). S'y ajoute que bulletin scolaire n'indique ni de plan des classes, ni de photo du préscolaire, qui malheureusement n'a pas pu être intégré dans le nouveau bâtiment.*



## /// TRADITIONNELT GRILLFEST VUM CSV COMITÉ











## /// GEMENGE POLITIK - RAPPEL

**Leider musse mir eng Widderhuelung vun onsem Artikel PAG/Wunnengsbau vum Oktober 2015 maachen.**

Majoritéit Läit hei am déiwen Wanterschlof an huet et nach ëmmer net fäerdeg bruecht Beweegung an dësen Dossier ze bréngen.

Säit dem 24.01.2012 wou de PAG provisoresch gestëmmt gouf, mam Verspriechen en innerhalb vu 2 Joer ze iwwerschaffen ass awer och nach guer näischt geschitt. D'Proprietairen vun sougenannte Baulücken sinn nach ëmmer gezwongen e PAP ze maachen souguer wou si just nëmmen en Eefamilljenhaus bauen wëllen. Dës Prozedur huet onnéideg vill Zousazkäschten, mindestens 15'000€ an dauert zudeem immens laang, bis 3 Joer ! An Plaz vun e puer Wochen virdrun. Dat alles well dat alt Bautereglement «de fait» ofgeschaaf gouf, an verpasst gouf dëst duerch een Neit ze ersetzen, wéi virun elo schonns 4 Joer versprach gouf.

Dat hei ass och eng vu den Ursaachen firwat Bauen ëmmer méi deier gëtt, schwätzt emol mat engem Betraffenen.

***Rappel : notre article d'octobre 2015 concernant les procédures pour construire sur une place à bâtir.***

*La majorité du conseil communal semble hiberner. Le 24 janvier 2012, date à laquelle le PAG de notre commune a été approuvé définitivement, le collège échevinal a promis de remodeler ce document dans les deux ans, afin d'éviter que les propriétaires de places à bâtir isolées ne soient plus contraints d'effectuer un PAP (plan d'aménagement particulier), long et onéreux, pour construire ne fût-ce qu'une maison. Nous attendons toujours ! Le coût supplémentaire d'une telle chicane se chiffre à au moins 15 000 € et la procédure actuelle peut prendre jusqu'à 3 ans, alors qu'une autorisation de bâtir pourrait être délivrée en quelques semaines si la modification du PAG était approuvée. Cette procédure est due au fait que l'ancien règlement des bâtisses a été tout simplement abrogé par le PAG actuel.*

*Cela est une des raisons qui renchérissent la construction. Demandez l'avis des personnes concernées !*

**TOUTES LES PHOTOS ET ACTIVITÉS SUR NOTRE SITE INTERNET**

www **DIPPECH.CSV.LU**

## /// DE STËPPELER

### DEN DOS D'HAHN

En Ieselsbockel ass an der Rue de la Gare zu Betteng, am Agang vum Duerf opgeriicht ginn. Dëse Bockel, wou d'Strooss an enger Verengung op ongeféier 4 m Längt, eng 10 bis 15 cm gehuewe gouf, an op franséisch „dos d'âne" heescht (Wikipédia), ass eng Zoumuddung fir d'Chauffeuren déi am Schrëtttempo deen Obstakel mussen iwwerquieren fir net fest geréselt ze ginn oder / an um Gefier en décke Schued ze maachen. Déck Kratzer um Buedem weisen datt eng Partie Autoen dëse Bockel net ouni Schued passéiert hunn. Eise Schoulbus an déi vill Bussen vun der APEMH fueren do duerch an d'Kanner ginn bei all Passage gutt gerëselt, esouguer wann den Chauffeur ganz lues mécht.

Dësen Ieselsbockel ass deen eenzegen an der Gemeng. Den DP-Schäffen wunnt 25 Meter méi wäit. Dat ka jo nëmmen Zoufall sinn ! Iwwregens gouf iwwert deen Ieselsbockel net am Gemengerot diskutéiert, net am Gemengerot ofgestëmmt an e steet och net am Verkéiersreglement. Och do hätt et Alternativen mam selwechten Zweck, mee ouni déi Nodeeler ginn.

### LE DOS D'HAHN

Dans la rue de la Gare à Bettange, à l'entrée de l'agglomération en venant de la gare, a été installé un ralentisseur. Cet aménagement, qui représente une surélévation de la chaussée de 10 à 15 cm sur une longueur d'environ 4 mètres, appelé « dos d'âne » (Wikidédia), a comme effet que les chauffeurs sont obligés de passer cet obstacle au pas sous peine d'être secoués vigoureusement et / ou de provoquer de gros dégâts au véhicule. Les traces très apparentes nous montrent que certaines voitures n'ont pas passé l'obstacle sans dégâts. Le bus scolaire de notre commune ainsi qu'un grand nombre de bus de l'APEMH passent cet endroit en période scolaire et les enfants se font secouer à chaque passage, même à vitesse



très réduite. Et pourtant, d'autres solutions, sans ces inconvénients, existent. Ce ralentisseur est le seul installé dans la commune. Tout à fait par hasard, le domicile de l'échevin du DP au collège échevinal se situe à 25 mètres du ralentisseur. Ce dos d'âne a été installé sans décision du conseil communal et non inscrit au règlement communal de la circulation. Honni soit qui mal y pense !

### ASS DE SCHÄFFEROT AGESCHLOF ?

De Schäfferot schéngt am déiwe Schlof ze sinn an denkt nach just drun bei Éierewäiner, déi zu all méiglechen Geleeënheeten organiséiert ginn, opzefalen. Esou déi lescht Inauguratioun wou um Fussballsterrain e puer Fotovoltaikpanneauen, déi kee gesinn huet, ageweit goufen an en Elektroauto an en E-Bike, deen do baussen nach net gesinn ginn ass, presentéiert goufen.

Fir d'CSV-Dippech misste scho laang eng ganz Rei Projeten um lafe sinn, oder wéinstens am Gemengerot diskutéiert ginn. Mir erënneren déi aktuell Majoritéit datt si virun de leschte Walen versprach hunn eng transparent an éierlech Politik ze maachen an all Parteien mat anzebannen. Zënter bal 5 Joer waarde mir op den éischten Geste vun esou enger Collaboratioun, déi d'CSV-Dippech oft, awer ouni Resultat proposéiert huet. All Diskussiounen, esou wäit et se gëtt, sinn hannert verschlossenen Dieren gefouert ginn. Esou misst scho laang iwwert Verwäertung vun den Gebäier déi elo fräi ginn duerch d'Plënneren an den neien Pompjeesbau an an déi nei Atelieren nogeduecht ginn. Wat wëll d'Gemeng mam alen Haus maachen wat se beim Centre Culturel zu Dippech opkaaft huet?

### *LE COLLÈGE ÉCHEVINAL, S'EST-IL ENDORMI ?*

Le collège échevinal semble plongé dans un sommeil profond et ne pense plus qu'à se mettre en évidence lors de vins d'honneur organisés à toutes occasions. Ainsi, dernier en date, la presse a été conviée pour « inaugurer » quelques panneaux photovoltaïques que personne n'a vus, une voiture électrique et un e-bike pour le personnel que personne ne semble utiliser.

Pour le CSV-Dippach, de nombreux nouveaux projets attendent d'être lancés, ou plus encore à être débattus au sein du conseil communal. Nous rappelons à la majorité actuelle leurs promesses d'une politique transparente en collaboration étroite avec tous les acteurs. En presque cinq ans nous attendons toujours le premier geste d'une telle collaboration ! Le CSV-Dippach a, à maintes reprises, offert sa collaboration. Sans résultat ! Toutes les discussions se font, si discussion il y a, dans le plus grand secret. Et pourtant, par exemple, le débat devrait être lancé depuis longtemps sur la destination des bâtiments qui sont libérés suite à l'emménagement dans les nouveaux bâtiments des pompiers et de la régie communale. Que compte faire la majorité de la maison acquise près du centre culturel de Dippach?